N°4236
Entrée le 15.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.06.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 15. Juni 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

„D'Mataarbechter am ëffentlechen Transport sinn ëmmer méi dacks mat verbalen Aggressiounen, Menacen oder anere Forme vu psychescher Gewalt konfrontéiert. Laut Informatiounen aus dem Secteur géif d'Unerkennung vun de psychesche Konsequenze vun esou Virfäll am Kader vun der Assurance Accident net ëmmer evident sinn.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung follgend Froe stellen:

- Wéi vill Demanden am Zesummenhang mat psychesche Schied no Aggressiounen op der Aarbechtsplaz goufen an de leschte fënnef Joer bei der AAA agereecht?
- Wéi vill vun dësen Demande goufen unerkannt respektiv refuséiert?
- Op wéi enge gesetzlechen a medezinesche Critèrë baséiert d'AAA hir Evaluatioun vun Dossieren, déi psychesch Schied no verbalen oder physeschen Aggressioune betreffen?
- Kann eng psychesch Beanträchtegung, déi ouni kierperlech Verletzung optrëtt, als Suite vun engem Aarbechtsaccident unerkannt ginn? Falls jo, ënner wéi enge Konditiounen?
- Ass d'Regierung der Meenung, datt den aktuelle legale Kader de Besoine vu Beschäftegten, déi Affer vu psychescher Gewalt op hirer Aarbechtsplaz ginn, genuch Rechnung dréit?“

Mat déiwem Respekt,

Corinne CAHEN
Deputéiert

Gusty GRAAS
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu